ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/03/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 1 Mäerz 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL Philippe CHENNAUX (President) Pierre ESPEN Marc FRANK Carlo KOEPP (Sekretär) Joske VOSMAN (Vize-President)	Jacques HUSS (entschëllegt) Claude HETTINGER (entschëllegt) Patrick KRAEMER (entschëllegt) Ambrus PORCSIN (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung &Präsenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Groussbotz an der Gemeng
4. Relance fir Charta vun den Veräiner
5. Wandpark Helperknapp
6. Divers

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

4 Memberen vun 10 konnten net kommen an haten sech entschëllegt. Domat ware mir stëmmberechtegt. D' ass festgehal ginn dat mir eis bis op Weideres an der Koll versammelen, wéinst der Gréisst vum Sall a wéinst dem Corona Risiko.

Helperknapp, 22/03/2022

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

Et goufen keng weider Remarken zum Rapport vum 9 Dezember 2021.

Punkt 3 : Groussbotz an eiser Gemeng

Groussbotz sollt 2 Mol am Joer duerchgefouert ginn, dat ass och esou am Klimapakt festgehalen. D' Fro stoung am Raum wéini dann déi sollen stattfannen. **De Kommitee war der Meenung fir déi éischt Groussbotz nach bis Ouschteren z' organiséieren**. Matmaachen kënnen d' Bierger, d' Veräiner an d' Schoulkanner z.B. Et gouf driwwer geschwat op een dat zentral oder op méi Plazen organiséiert? Ideal wieren als Treffpunkten de Koschteschbau, z.B fir den Beräich Téinten, an d' Koll fir de Raum Béiwen.

Punkt 4 : Relance vun der Charta fir d' Veräiner

Mir hunn festgehal fir deemnächst Workshoppen z' organiséieren awer dës kéier an Interaktioun mat de Veräiner. Zesummen mat hinnen soll determinéiert ginn wéi de Contenue vun so eng Charta soll ausgesinn. Et koum de Virschlag fir d' EBL (Ëmweltberodung Lëtzebuerg ASBL) ze froen fir eventuell bei der Moderatioun ze hëllefen.

Propose: En éischten Workshop sollt tëschent Ouschteren an Päischten organiséiert ginn.

Punkt 5 : Wandpark Helperknapp

Et gouf schonn an der Kommissioun vereenzelt iwwer Wandrieder an der Gemeng geschwat. Et ass ausserdeem e wichtegen Punkt am Klimapakt. D' Aktualitéit, mam Ugréff vu Russland an der Ukrain, beweist grad elo, ganz hefteg, den Dilemma vun der EU par Rapport zou Russland wéinst der staarker Energie Ofhängegkeet.

De Joske huet eis am Zesummenhang, fir d' Energie Ofhängegkeet vun der Gemeng ze reduzéieren, eng "Etude de Faisabilité" vun de Firma Soler presentéiert fir 4 Wandrieder (Eoliennes) op ënnerschiddlechen Plazen an eiser Gemeng ze plangen. Dës Etude gëtt am Gemengerot diskutéiert.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/03/2022

E Wuert zur Firma Soler: Sie besteet säit 2001 a gehéiert jeeweils zur Hallschecht der SEO an der Enovos. Sie bedreift 41 Wandrieder an 8 Parken an 3 Waasserkraaft-Anlagen. D' Installéiert Leeschtung ass 118 MW (Homepage Soler) fir ëm 220000 Leit mat erneierbar Energie ze versuergen. Weider 5 Energie Parken si geplangt an 2 Wandrieder sollen vergréissert (repowering) ginn. Am Land ginn nach aner Bedreiwer vu Wandparken.

Am Debat goufen verschidden Punkten ugeschwat.

- **Protektioun vun der Fauna an de Vulleschutz:** Dat ass Bestanddeel vun enger méi déiwer Etude. Haaptsächlech Gräifvigel wéi de Roude Milan an de Bussar, awer sécherlech och den Reeër an d' Hoergänsen sinn do ze berücksichtegen. E gëtt doriwwer ënnerschiddlech international Auswäertungen, mee am groussen Ganzen schéngt den Impakt op d' Vigel net deementspriechend.
- **Visuellen an ästheteschen Impakt:** Dat ass ganz ënnerschiddlech. Studien beleeën awer dat d' Acceptanz méi héich ass ewéi d' Ofleenung. Et hänkt zudeem staark of wou déi Wandrieder opgestallt ginn. De Joske huet vun mindestens 800m vun den Haiser ewech geschwat, wéinst der Optik awer och wéinst dem Geräischniveau. Fotoen mat opteschen Simulatiounen vun verschiddenen Standuerten aus, sollen doriwwer Opschloss ginn.
- **D' Objektiv vun der Gemeng Helperknapp:** D' Energie Ressourcen ginn ëmmer méi knapp an Lëtzebuerg huet selwer, a wéi uewen schonns erwäänt d' EU, keng grouss Energie Reserven. De Gros gëtt ausser europäesch akaf an dat mécht eis säit laangem immens ofhängeg. Duerfir musse mir selwer méi ëmweltfrëndlech elektresch Energie produzéieren fir dat z' änneren. All Gemeng am Land sollt dozou contribuéieren.
- **De Geräischniveau:** Haut ginn Wandrieder gebaut déi 4,2 MW a méi produzéieren. D' Héicht vum Mast ass dann ëm 160 m an d' Geräisch am Rotor Beräich läit bei ~100 Dezibel. Am Beräich vun de noosten Haiser verbleiwen dann ëm 37 Dezibel.
- **Wat seet de Klimapakt:** Am Kader vum Klimapakt ass festgehal dat d' Gemeng den Stroum aus erneierbaren Energien ënnerstëtzt a férdert. Den Undeel un dësem Stroum muss an de nächsten Joren däitlech erhéicht ginn.

Unhand vun dësem Austausch deelt d' Kommissioun unanime den Avis fir mam Projet weider ze fueren

Weider Etappen an dësem Projet:



Helperknapp, 22/03/2022

Well de **Photovoltaik Ausbau** och zur Eegenproduktioun vum erneierbaren Stroum bäidréit, frot de Marc Frank duerfir wéi et domat an der Gemeng insgesamt ausgesäit?

De Philippe äntwert dat just Zuelen virleeën iwwert d' Installatiounen op Gemengegebaier awer keng vun den Privat Stéit.

Punkt 6 : Divers

- De Marc Frank frot wéi et mat der Waasserversuergung ausgesäit beim engem groussen Stroumausfall (Blackout)?
  Well d' Fro nëmmen zum Deel diskutéiert gouf huet de Sekretär nodréiglech mam Luc Lesch geschwat an komplementar Informatiounen iwwer Waasserversuergung an der Gemeng kritt. Hei déi wichtegst Punkten:
  - A Moment huet Béiwen an Téinten eng getrennten Versuergung. Säit Béiwen gëtt et a Brouch an am Fënsterdall jeeweils eng Pompel déi 3 Bassengen am Beräich Helperknapp alimentéieren. Den Téintener Basseng am Geiferwee um Heedemier hänkt un enger Pompelstatioun an der Mandelbaach. Do sinn 2 Pompelen installéiert.
  - Am Fall vun engem totalen Stroum Blackout ass d' Versuergung fir 24 Stonnen garantéiert. D' Bassengen sinn dofir ëmmer iwwer 80% gefëllt. De Fall dat de Stroum méi wéi 24 Stonnen ausfält wäert bal net oder esouguer ni antrieden.
  - Esouwuel zu Béiwen wéi och zu Téinten ass ëmmer eng Pompel am Standby, déi dann aspréngt wann déi Aner ausfält.
  - D' Aarbechten fir eng Verbindung tëschent deenen 2 Waasserversuergungen sinn amgaang. Eng Waasserleitung gëtt dofir vum Basseng Heedemier iwwer d' Bricherlächer op Brouch verluecht.
  - Gemeng Helperknapp huet a "Water safety plan" deen vum Waasserwirtschaftsamt (AGE) zertifiéiert ass.

- Eng aner Fro vum Marc geet ëm d' Subsiden déi am Gemengereglement verankert sinn. No him fënnt een op der Gemengen Homepage awer keng Formularen fir eng Demande z' erstellen.

  De Philippe bestätegt dat an sot dat een d' Demanden sollen iwwer Email un Gemeng schécken.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/03/2022

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 28 Mäerz um 19h00 an der Koll.

Héi méiglech Punkten fir d' Dagesuerdnung:

- Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit
- Gemengen Subside fir d' Ëmstellung vun enger fossiller Heizung op eng Wärmepompel
- Reparatur-Atelieren am Verbond mat der Kreeslafwirtschaft
- Liewensqualitéit an der Gemeng a Verkéiersberouegungs-Moossnamen

Unhang:

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/03/2022

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.